mySchool!

03
Januar 2011

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle

Grondschoul NEWS



myDisk

myDisk ass een neie Service vu mySchool!, deen et lech erlabt, Fichieren online bei mySchool! ofzespäicheren a vun iwwerall aus dorop zouzegräifen. All Enseignant kritt säi **perséinleche, sécurisé-ierte Beräich** mat 2 GB Späicherplaz zur Verfügung gestallt. Op dëse Beräich huet exclusiv den Enseignant selwer Accès.

Doriwwer eraus hunn d'Enseignanten aus all Schoul iwwer myDisk Accès op **ee gemeinsame, sécurisëierte Beräich**, an deem Dokumenter, déi all Enseignanten aus der Schoul betreffen, ofgeluecht kënne ginn.

Den Interface an d'Funktionalitéite vu myDisk si bewosst einfach gehal. Nei Dokumenter kënnen eropgelueden, aler geläscht, Répertoiren an Ënnerrépertoire erstallt an Dokumenter kopéiert resp. geréckelt ginn.

Den Accès op de Schoulberäich gëtt mat den Affectatiounsinformatiounen aus SCOLARIA geregelt. All Enseignant huet deemno Zougréff op d'Beräicher aus deene Schoulen, an deenen hie/si laut Scolaria Schoul hällt.

Et gëtt och bewosst keng Hierarchie am Zougréff op de Schoulespace: Jiddereen duerf Dokumenter erop– an eroflueden, läschen, verréckelen.

myDisk fannt Dir op der Startsäit vum Portal vun der Grondschoul an ënner Tools/Iwwersiicht:



Dir gesidd an der lénkser Kolonn am Prinzip Äre perséinleche Repertoire an de Repertoire vun der Schoul, an där Dir laut Scolaria enseignéiert (an dësem Beispill EP-USEL-USEL: Gemeng Useldeng, Schoul Useldeng). Klickt **mat der rechtser Maustast** op ee Repertoire. Dir kritt folgende Menu ugewisen:



ZIP Download
Péckt all d'Dokumenter aus dem Répertoire an ee kompriméierte ZIP-Fichier a lued se erof.

Create folder
Leet een neie Sousrépertoire am ausgewielte Répertoire un.

Upload in folder
Lued een oder méi Dokumenter an den ausgewielte Répertoire.

Paste
Setzt een Dokument, dat Dir virdru mat 'copy' resp. 'move' ausgewielt hutt an de Répertoire.

Refresh
Aktualiséiert d'Usiicht vum Inhalt vum ausgewielte Répertoire.

Delete folder
Läscht den ausgewielte Répertoire mat allem, wat dran ass.

Upload in folder
D'Fënster hei doniewt gëtt ugewissen:



Klickt op 'Add files' fir een oder méi Dokumenter op Ärem Harddisc unzewielen. Dir kënnt d'Fichieren och direkt per 'Drag & Drop' an dat grot Feld zéien.

Fir d'Dokumenter ropzeluede, klickt op 'Start upload'.

Fir virum Upload nach een Dokument aus der Lëscht erauszehuelen klickt op dee roude Krees:

An dësem Feld kënnt Dir och direkt den Numm vun engem Sousrepertoire definéieren, an deen déi nei Dokumenter gesat ginn.

Am Feld ënne lénks fannt Dir nach eng Kéier deelweis déi selwecht Funktiounen, déi och schon am Rechts-Klick Menu stinn: kopéieren, verréckelen, péchen, erop– an eroflueden.

Wann Dir e puer Dokumenter matenee wëllt **erof**lueden, musst Dir d'Funktioun '**ZIP-Download'** huelen. De System generéiert dann ee Fichier 'myDisk.zip' an deem Är Dokumenter a komprimé-ierter Form enthale sinn.

myDisk am kollektiven Asaz an der Schoul
myDisk ass een onkomplizéierten Outil, fir séier an efficace Dokumenter mat den Enseignanten aus Ärer Schoul auszetauschen.

Dir braucht keng schoulintern Serverstruktur. Dir braucht lech net ëm d'Sécherheet vun Ären Donnéeën ze këmmeren. Dir kommt vun iwwerall, wou eng Internetverbindung besteet, un Är Dokumenter. D'Leit, déi Accès op d'Donnéeë vun der Schoul hunn, sinn an dynamesche Gruppen automatesch virdefinéiert. Dat heescht, soubal een Enseignant an Är Schoul bäikënnt, kritt en automatesch Accès op de myDisk-Schoulrepertoire.

De Moment stelle mir all Schoul **5GB Späicherplaz** zur Verfügung.

Wann Dir nach Froen zu myDisk hutt, kënnt Dir lech gär bei eis mellen:
Email **fondamental@myschool.lu** oder Telefon **247 85983** (Do & Fr)

Falls Dir Leit an Ärer Schoul hätt, déi de Schoulrepertoire nit ugewisse kréien, hänkt dat am Prinzip domatt zesummen, datt si nach keng Affectatioun am Scolaria hunn. An deem Fall kënnt Dir d'Donnéeë vun der betreffender Persoun (Numm, Virnumm, Matricule) op **helpdesk@inspectorat-men.lu** schécken.